N°2493
Entrée le 20.06.2025
Chambre des Députés
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Claude Wiseler
Luxembourg, le 20.06.2025
Chambre des Députés

FRAKTIOUN CSV

Ministère de l'Agriculture, de l'Alimentation et de la Viticulture 8
Référence : 389/25
20 JUIN 2025
A traiter par
Copie à

**Här Claude Wiseler**
**President vun der Chamber**

Lëtzebuerg, de 19.6.2025

Här President,

Esou ewéi den Artikel 80 vum Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un d'Madamm Landwirtschaftsministesch an un d'Madamm Gesondheetsministesch weider ze leeden.

An Däitschland hunn sech rezent zwee Männer mam seltenen, awer extrem geféierleche Borna-Virus (BoDV-1) infizéiert. Een huet d'Infektioun leider net iwwerlieft, deen anere gëtt intensivmedezinesch versuergt. Laut dem Friederich-Loeffler-Institut sinn 90 Prozent vun de Borna-Infektioune beim Mënsch déidlech. De Virus gëtt haaptsächlech duerch d'Feldspëtzmaus iwwerdroen. Fir aner Mamendéieren a fir de Mënsch ass de Virus eng grouss Gefor, well en ë.a. eng déidlech Gehierinfektioun ausléise kann. Kaze kënnen e beispillsweis indirekt op de Mënsch iwwerdroen. An dësem Kontext géif ech gäre follgend Froen un d'Madamm Landwirtschaftsministesch an un d'Madamm Gesondheetsministesch stellen:

- Ass de Borna-Virus hei zu Lëtzebuerg schonn nogewise ginn?
    - Wa jo, wat fir Déiere waren infizéiert?
- Huet sech zu Lëtzebuerg schonn e Mënsch mam Borna-Virus infizéiert?
    - Wa jo, konnt déi Persoun gerett ginn oder ass se un de Suite vun der Infektioun gestuerwen?
- Wat gedenkt d'Regierung ze maachen, wann sech de Borna-Virus an Däitschland weider ausbreet an och op Lëtzebuerg kënnt?
- Wéi kann een sech beschtméiglech schützen a wat kann ee maachen, wann een doudeg Feldspëtzmais doheem fënnt?

Här President, ech bieden Iech, mäin déifste Respekt unzehuelen.

Stéphanie Weydert, Deputéiert

CSV-Fraktioun | 13, rue du Rost | L-2447 Luxembourg | Tel. 47 10 55 – 1 | csv@chd.lu

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de l'Agriculture,
de l'Alimentation et de la Viticulture

**Gemeinsam Äntwert vun der Ministesch fir Landwirtschaft, Ernärung a Wäibau an vun der Ministesch fir Gesondheet a sozial Sécherheet op d'parlamentaresch Fro n° 2493 vum 19. Juni 2025 vun der éierewäerten Députéierten Stéphanie Weydert.**

1. **Ass de Borna-Virus hei zu Lëtzebuerg scho nogewise ginn?**
   - **Wa jo, wat fir Déiere waren infizéiert?**

D'Krankheet ass zu Lëtzebuerg net meldeflichteg. Bis elo krut d'ALVA keng Notifikatioun vum Optriede vun dësem Virus bei engem Déier.

2. **Huet sech zu Lëtzebuerg schonn e Mënsch mam Borna-Virus infizéiert?**
   - **Wa jo, konnt déi Persoun gerett ginn oder ass se un de Suite vun der Infektioun gestuerwen?**

D'Gesondheetsdirektioun huet keng Kenntnis vu Fäll zu Lëtzebuerg wou Mënschen sech mam Borna-Virus infizéiert hunn. Et sief bemierkt, datt dës Pathologie net zu de meldeflichtege Krankheeten (Maladies à déclaration obligatoire (MDO)) zu Lëtzebuerg gehéiert.

All bekannt mënschlech Fäll sinn an Däitschland opgetrueden, haaptsächlech a Bayern an an e puer Regiounen am Oste vum Land.

3. **Wat gedenkt d'Regierung ze maachen, wann sech de Borna-Virus an Däitschland weider ausbreet an och op Lëtzebuerg kënnt?**

Eng integréiert Approche, besonnesch am Kontext vun zoonoteschen Krankheeten ass essentiel, dofir verfollegt d'Gesondheetsdirektioun den "One Health" Prinzip, deen d'Gesondheet vu Mënschen, Déieren an Ëmwelt als eng eenzeg Unitéit betruecht. An dësem Kontext huet d'Division de l'inspection sanitaire vun der Gesondheetsdirektioun, ënnerstëtzt vun der Europäescher Kommissioun, de Projet PHRESH lancéiert[1], mam Zil, eng interdisziplinär Austauschplattform z'entwéckelen. Dës Plattform soll d'Zesummenaarbecht tëscht den Acteure vun der mënschlecher Gesondheet – dorënner d'Division de l'inspection sanitaire an de Laboratoire national de santé (LNS) – an der Déieregesondheet, mat Acteure wéi der ALVA (Administration luxembourgeoise vétérinaire et alimentaire), wesentlech stäerken.

Parallel dozou schafft d'Division de l'inspection sanitaire – och am Kader vum PHRESH-Projet – un engem System fir d'Echtzäit-Collecte vu medezineschen Donnéeën aus den Noutdéngschter vun de Spideeler. Dëst soll et erlabe spezifesch Symptomer fréi z'erkennen, a bei Bedarf geziilt an effizient ëffentlech Gesondheetsmoossnamen ze aktivéieren.

Di klassesch Endemiegebitter vun der Bornascher Krankheet si Regiounen a Mëttel- a Süddäitschland (Bayern, Baden-Württemberg, Sachsen, Sachsen-Anhalt, Thüringen an Hessen), an der Schwäiz (Ostschwäiz), Éisträich (Vorarlberg a Steiermark) a Liechtenstein. Och an den Endemiegebitter sinn Erkrankunge beim Mënsch extrem seelen (5-10 Fäll/Joer an Däitschland). Di lokal Prevalenz bei den Déieren ass säit Joerzingte stabil.

[1] https://santesecu.public.lu/fr/espace-professionnel/informations-donnees/phresh.html

De Reservoir, d’Feldspëtzmaus ass en Insektivor an huet am Géigesaz zou Nagedéieren e ganz territoriale Charakter. Dofir ass eng schnell a flächendeckend Ausbreedung onwarscheinlech.

De Risiko fir eng Ausbreedung zu Lëtzebuerg kann also als geréng agestuuft ginn.

4. **Wéi kann een sech beschtméiglech schützen a wat kann ee maachen, wann een doudeg Feldspëtzmais doheem fënnt?**

Et ass ëmmer wichteg virsiichteg ze si beim Ëmgang mat doudegen Déieren, well dës eventuell mat Vire kontaminéiert kënne sinn.

Et gëtt aktuell keen Noweis vun enger Zirkulatioun vu Bornaviren zou Lëtzebuerg.  Wéinst verschiddenen aneren Infektiounsrisiken (z.B.Hantaviren) soll ee Spëtzmais souwisou nëmme mat Händschen upaken a schnellstméiglech entsuergen. Och soll een eng Mask (mindestens FFP2) undoe wann ee mat Exkrementer am Stëbs a Kontakt kënnt.

Baséierend op dem aktuelle Wësse kann de Risiko vun enger Infektioun mat Bornavire reduzéiert ginn, andeems de Kontakt mat Spëtzmais an hiren Exkrementer vermeit gëtt.

Wann Dir en doudegt klengt Mamendéier (Spëtzmaus, Maus, Rat oder en anert verdächtegt Déier) an oder ronderëm Är Wunneng fannt, ass et recommandéiert, d’Verhale vun Hausdéieren am A ze behalen, besonnesch bei Kazen, déi duerch hir Juegdaktivitéiten a Kontakt mat infizéierte Vektore komme kënnen. Bei ongewéinlechem Verhalen oder neurologesche Symptomer soll ee séier e Veterinär kontaktéieren.

Lëtzebuerg, den 24. Juli 2025

(s.) Martine HANSEN

Ministesch fir Landwirtschaft, Ernärung a Wäibau